

ISBN 978-99987-941-0-8

HistorESCH: Escher Geschichten a 25 Objeten erzielt

LUX

# Histor*ESCH*:

## Escher Geschichten a 25 Objeten erzielt



AM KADER VUN
ESCH-SUR-ALZETTE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE
UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG
LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY
NUIT DE LA CULTURE

# Histor*ESCH*:

## Escher Geschichten a 25 Objeten erzielt

**Auteuren:** Joëlla van Donkersgoed, Thomas Cauvin

**Iwwersetzung:** Anne Schmit

# Colophon

Eng Zesummenaarbecht vun:

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY

AM KADER VUN

ESCH-SUR-ALZETTE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE

ISBN 978-99987-941-0-8

1st edition 2022

Copyright: © C²DH, Mataarbechter a Fotograf

Redaktoren: Joëlla van Donkersgoed, Thomas Cauvin

Iwwersetzung: Anne Schmit

Fotoen: Jo Diseviscourt; Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette; Joëlla van Donkersgoed; Johny Karger; Musée National de la Résistance et des Droits Humains; Archives nationales de Luxembourg; Harmonie des Mineurs.

Grafikdesign: Accalmie Studio

Dréckerei: OnlinePrinters GmbH, Fürth, Germany

**Dëst Buch an d'Ausstellung goufe fir a vun den Escher, déi eis mat hire Geschichten inspiréiert hunn, geschaf.**

**Mir sinn dankbar fir all déi Léit, déi zu dësem Projet bäigedroen hunn.**

# Inhaltsverzeechnes


| | |
|---|---|
| Virwuert vun den Direkteren | 3-4 |
| Aféierung | 5-6 |
| Schlaacken aus Eisen | 7-8 |
| Merowingerschwäert | 9-10 |
| Kierchhunn | 11-12 |
| Absinth Fontaine vum Café Wagner-Leick | 13-14 |
| Plateau vun der Source Bel-Val | 15-16 |
| Acetylèneluucht | 17-18 |
| *Schiacciapatate* | 19-20 |
| Kannerhandbuch | 21-22 |
| Schlëssel vum Gemengenhaus | 23-24 |
| Resistenz Broschen | 25-26 |
| Badge vun engem Kartoffelkäfer | 27-28 |
| Spillsaach erstallt vun engem *Ostarbeiter* | 29-30 |
| Streckeisen | 31-32 |
| Gravéiert gëllen Auer | 33-34 |
| AWEC Kaffisdouss | 35-36 |
| Vëlo vum Produzent Alcyon | 37-38 |
| Sammlung vun Objeten aus der Brasserie Esch | 39-40 |
| Signal Luucht | 41-42 |

| | |
|---|---|
| Helm vun der Harmonie des Mineurs | 43-44 |
| Tubakskit | 45-46 |
| Plack fir den 1200. Anniversaire vun Esch | 47-48 |
| Petzi | 49-50 |
| Skulptur vum Feierstëppler | 51-52 |
| Jeunesse Fussballtrikot | 53-54 |
| Décor “Venise-sur-Alzette” | 55-56 |
| Lëscht vun der Contributeuren | 57-58 |
| Bibliographie | 59 |
| Kontakt | 60 |


# Virwuert


## Thomas Cauvin

**Direkter vum Projet HistorEsch, Universitéit Lëtzebuerg**

## Loic Clairet

**Direkter vun der Nuit de la Culture, Esch-sur-Alzette**

De Projet HistorEsch ass eng kollektiv Aventure, déi 2020 ugefaangen huet. Bei Versammlungen, organiséiert vun der Stad Esch, koumen verschidden Akteuren aus der Kulturszene beieneen. D'Fuerschungsequipe vun der **Public History as the New Citizen Science of the Past**, een Projet vun der Uni Lëtzebuerg an der Nuit de la Culture, koum an dem Kader ganz séier zesummen, fir esou Projeten iwwert d'Geschicht an d'Kultur vun an zu Esch auszeschaffen. De Projet Histor*Esch* gouf gebuer. D'Zil war kloer: mat der lokaler Populatioun, de Veräiner an Associatiounen zesummeschaffe fir e bessert Verständnis iwwert d'Vergaangenheet vun der Stad Esch a sengen Awunner ze kréien.

Nieft der Ausstellung **Histor*Esch*: Escher Geschichten a 25 Objeten erzielt**, koum et am Kader vun dëser Zesummenaarbecht zum Schafe vun enger Fresque iwwert d'Geschicht vum Lallenger Quartier, déi a Mee 2022 agewiehe gouf a Kollaboratioun matt der Kulturfabrik, souwéi zur Produktioun vu verschiddenen Audiotouren, déi duerch Zeienaussoe vun Awunner de Nolauschterer d'Vergaangenheet vun Esch méi no bréngen.




**Den Thomas Cauvin virun der Cabanne vun Histor*ESCH* während der Nuit de la Culture, den 11. März 2022.**

Foto : J. van Donkersgoed



**Foto vun der Fresque ArtistESCH zu Lalleng, vum Kënschtler Mariana Duarte Santos gemaach.**

Foto : van Donkersgoed

# Aféierung

**Joëlla van Donkersgoed** Co-Direktesch vum Histor*ESCH* Projet, Universitéit Lëtzebuerg

D'Joer 2022 geet an d'Geschicht vun Esch-Uelzecht als d'Joer an, an deem se als europäesch Kulturhaaptstad gefeiert gouf. D'Escher Kultur, déi héichgehale gëtt, beinhalt net nëmmen de kulturelle Secteur vun haut, mee de Programm wierdegt déi lieweg Industrie- a Migratiounsvergaangenheet vun der Stad Esch. De Projet Histor*ESCH* soll d'Escher Léit encouragéieren aktiv dozou bäizedroen d'Geschicht vun hirer Stad dem Public ze presentéieren.

Nieft eise lafende Gespréicher op der Facebook-Grupp Fl'ESCH Back hu mir eng Rei vun Atelieren organiséiert fir d'Leit ze encouragéieren hir Geschicht unhand vu Kaarten oder Objeten ze erzielen. E puer vun dëse Geschichte goufen enregistréiert an iwwersat, a sinn am Moment op véier Sitten an Esch iwwert eng lokal Telefonsnummer verfügbar. Wann Dir dës Nummer uruffft, kënnt Dir dës historesch Sitten duerch perséinlech Erënnerungen entdecken (op Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch).

D'Objeten, déi wärend den Ateliere virgestallt goufen, sinn d'Basis vun enger crowdsourced Sammlung, déi online op historesch.lu an op Versammlungen (organiséiert vun der Boîte à Histoire) presentéiert gouf. Am Juni 2022 konnt de Public fir hir Liiblingsobjeten ofstëmmen déi hirer Meenung d'Geschicht vun Esch am bäschte representéieren. Dësen Ausstellungskatalog, deen dir an der Hand haalt, presentéiert 25 vun de beléiftsten Objeten, déi vum 2. bis de 24. September 2022 an enger gratis Ausstellung zu Esch-Uelzecht ausgestallt ginn.

Amplaz Textpanneauxen an dëser Ausstellung opzeriichten, hu mir dësen Ausstellungskatalog gewielt fir Iech duerch d'Ausstellung ze féieren. E gouf op



**Foto geholl während enger vun den éischte Gemeinschaftsversammlungen koorganiséiert mam REMIX PLACE Team.**

Foto: J. van Donkersgoed




Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch produzéiert, fir der Escher méisproocheger Gemeinschaft entgéintzekommen.

Dëse Projet wier net méiglech gewiescht ouni d'Ënnerstëtzung déi mir vun der Escher Communautéit kritt hunn, déi mir Cercle des « Bierger-Historiker » (Cercle des Historiens Citoyens (CHiC)) genannt hunn. Mir sinn dankbar fir d'Begeeschterung, d'Vertrauen an d'Zäit, déi Dir eis ginn hutt. Mir hoffen, datt dës Histor*ESCH* Ausstellung net de Schluss vun engem Projet ass, mä éischter e Fest vum Austausch dee mir gemaach hunn. Mir wëllen den Dialog an eis Zesummenaarbecht an Zukunft weiderzeféieren.

**Dat zweet Histor*ESCH*-Audiotour Schëld hänkt op der Plaz wou fréier den éischte Fluchhafen zu Lëtzebuerg war.**

Foto: J. van Donkersgoed

**“Dës Schlaacke sinn ee Symbol vun den Tonne Schlaacken, déi Op der Gleicht wärend Ausgruewunge fonnt goufen. Dës Schlaacke beweisen datt laang virun der Entdeckung vum Minettsteen, virun 150 Joer, zu Esch Eisenäerz veraarbecht gouf.”**



**Dimensiounen**

9 x 8 x 5

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Schlaacken aus Eisen

**Donateur**

AHME

**Datum**

Réimerzäit



**Ausgruewung vun den Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch-sur-Alzette (AHME) vum Opidum um Tëtelberg tëscht 1980 an 1993.**

Archives Johny Karger – AHME

Dësen Objet gehéiert zu den Tonne Schlaacken, déi Op der Gleicht wärend Ausgruewunge fonnt goufen. Dës Ausgruewunge goufe vun der Escher Geschichtsfrënn (Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch (AHME)) gemaach. Schlaacke sinn en Nieweprodukt wann Eisenäerz geschmolt gouf fir Metall hierzestellen.

Dëst Stéck Schlaacken ass en Zeie vun der laanger Eiseproduktioun zu Esch. Och wann se net no vill ausgesinn, ass dësen Offall dach e Beweis datt Eisen an dëser Regioun scho laang produzéiert gouf. Laang virun der Entwécklung vun der Eisen- a Stolindustrie am 19. Joerhonnert hunn d'Kelten an d'Réimer Eise produzéiert an dat um Territoire vun Esch, südlech vun der aktueller Stad.



“D‘Merowingerschwäert gouf op engem Territoire zu Esch fonnt, deen Um Klaeppchen genannt gouf.”

**Dimensiounen**

5 x 49 x 0.5

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Merowingerschwäert

**Donateur**

AHME

**Datum**

ca. 7-8. Joerhonnert

Dëst Merowingerschwert gehéiert zu der Sammlung vun den Escher Geschichtsfrënn (Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch (AHME)). Mir wëssen net vill iwwer dëst Schwäert, ausser datt et aus enger ondokumentéierter Ausgruewung op enger Plaz mam Numm Klaeppchen kënnt. Dësen Numm steet 1670 fir d'éischt op enger Kaart vun Esch, an et bezitt sech op eng oder méi Koppen. Klaeppchen kann awer och en Numm fir eng Landschaft mat Kierfecht sinn, an dëst Schwäert kéint Deel vun engem Graf gewiescht sinn.

Am 6. a 7. Joerhonnert gouf et vill Merowingergriewer ronderëm Esch. D'Merowinger waren d'Nokomme vun engem germanesche Stamm, déi d'Regioun, déi virdru vun de Réimer regéiert gouf, eruewert haten. Merowingergriewer goufen op e puer Plazen zu Lëtzebuerg entdeckt, notamment zu Bartreng, awer och op anere Plazen zu Esch wéi Op der Gleicht. Dës Ausgruewung gouf vum Nationalmusée fir Geschicht a Konscht gemaach, deen zéng Griewer opgedeckt huet, dorënner och e Sarkophag.



**Ausgruewung vun den Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch-sur-Alzette (AHME) vum Opidum um Tëtelberg tëscht 1980 an 1993.**

Archives Johny Karger – AHME


# Kierchhunn

**Donateur**

AHME

**Datum**

Ufank vum 19. Joerhonnert




**Dréck vum P. Schilling déi éischt Kierch zu Esch duerstellt.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dësen Hunn stoung eemol uewen um Klackentuerm vun der éischter Kierch zu Esch-Uelzecht. Et ass ee vun de raren Iwwerreschter vun der Kierch, Saint Jean Baptiste. E puer Statuë fënnt en haut an der Saint Joseph Kierch. D'Kierch vum Hellege Jean Baptiste huet nëmmen 100 Joer existéiert, well se, zu enger Zäit wou d'Bevëlkerung vun Esch séier gewuess ass, ze kleng ginn ass.

1878 gouf hiert Gebai an der Groussgaass duerch eng Schoul ersat. Fréier war dat d'Haaptplaz vum Duerf. Do gouf de Maart ofgehalen. Dësen Objet weist datt de Chrëschtentum eng zentral Roll am reliéisen a soziale Liewe vun der Bevëlkerung gespillt huet. Zu Esch goufe Cortègen organiséiert, déi no richtege Stroossefester ausgesinn hunn. All Por hat seng Veräiner an Aktivitéite fir déi Jonk, dofir koum et och mol zu Rivalitéiten tëscht de verschiddene Poren.

**"Ech ka mir net virstellen, wéi d'Leit et fréier gemaach hunn: Si hunn dacks missen an d'Kierch goen. Mee fir d'Escher huet dat geheescht zu Fouss op Schëffleng ze goen. Esch ass eréischt zënter 1742 eng separat Por."**



**Dimensiounen**

52 x 30 x 73

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Absinth Fontaine vum Café Wagner-Leick

**Donateur**
Patrick Miller

**Datum**
Ufank vum 20. Joerhonnert



**Vue op d'Strooss vum Café Jos Wagner-Leick aus, tëscht 1920-22. Aktuell heescht en Café Pitcher.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

An dëser Absinthfontaine ass en Numm an eng Beschreiwung vum Café gravéiert: «Jos Wagner-Leick. Wäiner a Spirituose Grousshandel. Telefon 73. Esch-sur-Alzette». E gouf speziell fir dësen Escher Café vum Georges Long vu Paräis geschaft, deen dee beschte Fabrikant fir Absinthfontainen zu där Zäit war. Um Deckel kënne mir eng Ananas gesinn, déi Gaaschtfrëndlechkeet a Frëndschaft symboliséiert huet.

Dës Zort vu Fontaine war (an ass ëmmer nach) de beschte Wee fir Absinth ze preparéieren. De Serveur huet d'Fontaine op den Dësch bruecht, an de Client(en) huet den Absinth selwer gegoss. Absinth war ee vun de verschiddenen alkoholesche Gedrénks, déi de Jos Wanger a seng Fra Marie Leick verkaf hunn. Zënter dem Bau am Joer 1904 huet de Café ëmmer nach d'Funktioun vum Kaffi. De Moment ass do de Pitcher Café.



**“Nom éischte Glas Absinth gesitt Dir d’Saache wéi Dir se gär hätt. No der zweeter gesitt Dir se wéi se net sinn. Dono gesitt Dir d’Saache wéi se wierklech sinn, an dat ass déi schrecklechst Saach vun der Welt.”**

**Oscar Wilde**

**Dimensiounen**

22 x 22 x 57

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Plateau vun der Source Bel-Val

**Donateur**

Anonym

**Datum**

Ufank vum 20. Joerhonnert



**Bild vun der Mineralwaasserquell Bel-Val.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dëst ass e klenge Plateau, deen d'Fabréck vun der Source Bel-Val duerstellt. Et ass eng Duerstellung vun uewen, aus der Loft. Et geseit een Fabréckshalen, wou Männer a Fraen geschafft hunn fir Fläschen ze fëllen. De Plateau huet dem Bop vum Donateur geheiert, deen eng Bar hat an do Waasser vun der Source Bel-Val verkaf huet. D'Quelle Bel-Val ass zu Bieles entspronge, wou se ab 1891 exploitéiert gouf. D'Quell gouf bis 1935 vun der *Société Anonym Générale des Eaux Minérales De Bel-Val* bedriwwen.

Dank senger exzellenter Qualitéit (räich u Mineralien an Eisen) krut d'Bel-Val Waasser séier e gudde Ruff als Drénkwaasser a Medizinwaasser. Fläschen vum Waasser (a spéider och Limonade) goufen an Nord- a Südamerika, Afrika a China exportéiert, wat zum internationale Ruff vun der Quell vu Bel-Val bäigedroen huet.

Vun 1929 un ass d'Nofro fir Waasser um Bel-Val erofgaangen, an dat wéinst der Konkurrenz vun auslännesche Produzenten. Ma virun allem d'Buedemverschmotzung vun den Ëmgéigend duerch d'Stolwierker war ee groussen Nodeel. De Verkaf ass sou déiff gefall datt d'Firma 1935 d'Produktioun huet misse stoppen.

**“Een immenst angenehmt Heelmëttel. Spezialitéit: hygienesch Limonad matt Mineralwaasser hiergestallt.”**




**Dimensiounen**

14.5 x 14.5 x 3

**Fotografie**

J. van Donkersgoed



"D'Biergaarbechter goungen an d'Zechenhaus. Vun do aus konnten si mat engem klengen Zuch ënnerierdesch goen. Sie hunn Minelidder gesongen huet. Ech hunn se gesinn, awer ech hat keng Anung, wat se ënnerierdesch maachen."

**Dimensiounen**

8.5 x 11 x 21

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Acetylèneluucht

**Donateur**

Diana Ascani

**Datum**

Éischt Hallschent vum 20. Joerhonnert



Dës klassesch Acetylèneluucht gouf op der ganzer Welt benotzt. D'Luucht besteet aus zwee Container, déi mat engem Bajonettschloss verbonne sinn. Eng Schrauf gëtt benotzt fir d'Waasser an den iewescheten Container ze leeden. Acetylène ass eng Kuelewaasserstoff chemesch Verbindung. D'Flam ass d'Resultat vun der Reaktioun vum Waasser op Kalziumkarbid.

Dës Zort Luucht war besonnesch nëtzlech an de Minnen, well se konnt géint Bulli a Fiichtegkeet widderstoen. D'Luucht war essentiell fir d'Aarbecht an de Minnen ze maachen. D'Carbidesluuchten funktionnéieren besser wéi Uelegluuchten, déi virdru benotz goufen. Esch war an ass besonnesch mat der Biergbautechnologie verbonnen. 1853 huet den Daniel Buchholtz an der Rue de Luxembourg d'Baustoffgeschäft Buchholtz & Ettinger opgemaach. 1904 huet den D.Buchholtz déi éischt Karbidsluucht mam Numm «Reform» patentéiere gelooss.

**Foto vun engem Biergaarbechter an der Grouf Hiehl mat enger Acétylenesluucht.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

# Schiacciapatate

**Donateur**

Getrude Spogli Castellani

**Datum**

Éischt Hallschent vum 20. Joerhonnert

## “An der aler Zäit haten d’Männer Spaass an de Veräiner an d’Fraen hunn d’Nuddele gemaach … Haut kache mir net méi fir eis Männer, oder?”

**Awunner vun Esch**



**Dimensiounen**

29 x 9 x 11

**Fotografie**

Jo Diseviscourt



Dëst ass eng *Schiacciapatate*, en Apparat fir Gromperen ze püréieren a fir Gnocchi‘en ze maachen. D‘Viviane Farneti krut des Press vun hirem Mann sengem Grousspapp, deen aus de Marquen an Italien ass. D’italienesch Kultur a Kichen ass e ganz wichtege Charakter vun Esch. Vill Italiener si schonn an den 1890er Joren op Esch komm, ugezunn duerch d’Versprieche vun der Aarbecht an der Stol- a Biergindustrie.

An den 1950er hunn italienesch Migranten an hir Nokommen eng grouss Gemeinschaft geformt. Nieft der Industrieaarbecht hunn si Restauranten, Caféen, Nuddelsfabrike wéi Evilux a Crescentini opgemaach, si hunn Danzféiere wéi zum Beispill am Viola organiséiert a vill zum Escher Fussball bäigedroen.




**Postkaart vun enger Versammlung vun der italienescher Communautéit fir de Besuch vum Cardinol Ferrari vu Mailand zu Esch de 16. September 1908.**

Archives de la Ville d’Esch-sur-Alzette



“Mir haten net nëmme Minièren. Mir waren och Baueren. D’Thema vum Bauerenhaff gehéiert nach ëmmer zu Kannerspillsaachen, wéi Figuren vun engem Iesel, engem Bier, engem Wollef, e Schof. Dat si Biller, déi eis un eis Relatioun mat der Natur erënneren.”




**Dimensiounen**

21 x 17 x 1

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Kannerhandbuch

**Donateur**

Odette Bruch

**Datum**

1932-33



Foto vun der Crèche an der Villa am Parc Laval.

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dëst Kannerbuch ass eng Erënnerung d'Kandheet, mat wéineg Suerge fir d'Zukunft. Et ass och e Beweis vun der Léift, déi d'Eltere fir hir Kanner haten, well se se an der Crèche geschéckt hunn hunn fir schaffen ze goen a Geld fir d'Famill ze verdéngen. D'Odette erkläert, datt hir Eltere vu Frankräich op Esch geplënnert sinn, fir e bësse méi ze verdéngen. Si hate vill méi Kanner wéi Miwwelen.

Mam Wuesstem vun der Escher Bevëlkerung tëscht 1890 an 1930 huet d'Stad missen nei Crèchen a Schoule bauen. Zwou nei Crèchë goufen 1927 an 1929 ageweit a vun de Schwëstere vun der Kongregatioun Saint-Elisabeth geleet. 1946 huet d'Gemeng eng Crèche an der Villa am Lavalsparc opgemaach, fir Kanner vun 2 bis 4 Joer.

# Schlëssel vum Gemengenhaus

**Donateur**
AHME

**Datum**
1937



**Foto geholl bei der Aweiung vum Gemengenhaus.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dëst Këssen an de Schlëssel goufe fir déi grouss Aweiung vum Gemengenhaus am Joer 1937 entworf. D'Këssen aus Seid gouf vun de Schwësteren aus der Lëtzebuergerstrooss entworf, an en Enseignant huet et mat der Hand bemoolt: Stademblem uewen. Dëst Kësse gëtt och eng Vue op de Belval, den Industriesite, deen Esch vill Räichtum bruecht huet.

D'Aweiung vum Gemengenhaus war e wichtegt wirtschaftlecht a politescht Fest zu Esch an zu Lëtzebuerg. De Schlëssel krut de sozialistesche Buergermeeschter Hubert Clément vun engem 7 Joer ale Meedchen iwwerreecht. Deemools war den H. Clément och Direkter vum Tageblatt, enger Escher Zeitung, déi ënner dem Numm Escher Tageblatt ugefaangen huet. Et ass den Ament déi zweet gréissten Zeitung zu Lëtzebuerg.

**“D’Kleed, déi si unhat, war nëmmen zweemol virdru gedroen: op eng Receptioun am Palais an op d’Hochzäit vun hirer Tatta.”**



**Dimensiounen**

35 x 45 x 9

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# “Ech hunn 25 Cent Mënzen geschnëtzt. Ech hunn et doheem gemaach. Ech hunn 1942 ugefaangen ze schaffen, deemools waren déi Däitsch zu Esch. Et konnt ee gefaange ginn, well et vun der Gestapo als kriminellen Akt ugesi gouf.”

**Awunner vun Esch**




**Dimensiounen**

2 x 2.5 / 3 x 1.5 / 2 x 2.5 / 1.5 x 1

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Esch resistance pins

**Donateur**

Michel John

**Datum**

1940-44

**Patriotesch Fotomontage vu Lëtzebuerg erstallt tëscht 1940-41.**

Musée National de la Résistance et des Droits Humains



Dës Brosche goufen aus Mënzen ausgeschnidden. Déi Léit hunn se benotz a gedroen hunn fir hire Lëtzebuerger Patriotismus wärend der däitscher Besatzung vun 1940 bis 1944 ze weisen. Et war zimmlech riskant dës Broschen ze droen, well et als Provokatioun vun den Nazi-Besatzer ugesi gouf. Mam Droe vun esou engem Badge huet ee riskéiert an e KZ deportéiert ze ginn.

Den Zweete Weltkrich an d'Nazi-Besatzung vu Lëtzebuerg spillen eng wichteg Roll an der Erënnerung un d'Escher Awunner. An hirem Alldag hunn d'Escher hir Aversioun géigeniwwer dem Nazi-Regime, diskret, awer bewosst, ausgedréckt an hire Patriotismus vis-à-vis vu Lëtzebuerg an der groussherzoglecher Famill ënnerstrach.

# Badge vun engem Kartoffelkäfer

**Donateur**

Camille Robert

**Datum**

1940-44





**Bild vum Kartoffelkäfer, erstallt, während der Käferplo, vum Dr Helmut Köstlin an Hans Zoozmann fir de *Reichsnährstand*.**

Musée National de la Résistance et des Droits Humains

Dëse Sticker weist e Kartoffelkäfer, en Insekt aus Amerika dat d’Landwirtschaft uechter Europa zerstéiert huet. Gromperen waren eng wichteg Nahrungsquell fir d’Bevëlkerung, an d’Liewensmëttel war scho knapp wéinst dem Krich. Dofir huet den Nazi-Besëtzer e Programm geschaf, deen all Grondschoulklassen zu Lëtzebuerg opgefuerdert huet, dës Insekten a Fläschen ze sammelen. All Gromperefeld gouf op enger Kadasterkaart registréiert.

D’Kontrollaarbecht gouf dräi Wochen hannertenee vun der selwechter Klass op deene selwechte Felder duerchgefouert, fir dës Insekten effektiv ze eliminéieren. All Kand huet missen eng Rei kontrolléieren, all Planz suergfälteg iwwerpréiwen, déi giel Insekte mat schwaarze Flecke sammelen, d’Larven a Fläsche setzen, an déi da schlussendlech dem Nazi-Okkupant, deen d’Klass begleet huet, ginn. All Kand, dat eng Fläsch iwwerreecht huet, krut e Badge, deen se an hiert Biologie-Buch hu misste pechen.

**"D'Kanner hunn sech missen opstellen, fir d'Planze gläichzäiteg nom Kartoffelkäfer ofzesichen a fir d'Blieder vun der Planz mat hiren Hänn ze fillen."**




**Dimensiounen**

6 x 4.5

**Fotografie**

J. van Donkersgoed



"Wa si Gefaangener gesinn huet, huet meng Mamm Sandwiche gemaach. Sie huet mech dann ëmmer geruff fir hinnen d'Iessen ze bréngen. Si hunn mech duerfir kannt. Also huet ee vun hinne mir dëst Spillsaache gi fir mir Merci ze soen."



**Dimensiounen**

35.5 x 13 x 3

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Spillsaach erstallt vun engem *Ostarbeiter*

**Donateur**

Gilbert Weber

**Datum**

1942-44



***Ostarbeiter* Kasär bei Esch-Uelzecht am Joër 1943.**

ANLUX, Collection de photographies en relation avec la Seconde Guerre mondiale

Dëst hëlze Spillsaach, dat zwee Déiere mat engem Hummer representéiert, gouf vun engem *Ostarbeiter* am Zweete Weltkrich gemaach. Ostarbeiter ass e Begrëff, dee benotzt gëtt fir déi 4.000 Leit, déi aus de besate Gebidder an der Sowjetunioun an a Polen kommen, ze beschreiwen. Sie goufe vun den däitschen Okkupante gezwongen an der Lëtzebuerger Stolindustrie ze schafen. Am Krich huet d'Escher Stolindustrie eng wichteg strategesch Roll fir déi Däitsch gespillt.

Déi éischt *Ostarbeiter* koumen am Oktober 1942 op Lëtzebuerg a goufen a verschiddene Kasären, déi «Ostarbeiterlager» genannt goufen, opgestallt. Ee vun deene Lagere war do wou haut de Rond-point Raemerich ass. Obschonn et fir déi lokal Awunner verbuede war mat den *Ostarbeiter* ze kommunizéieren, hunn e puer vun hinnen den *Ostarbeiter* lessen oder Kleeder ginn, fir de Mangel u Liewensmëttel an déi schlecht Liewensbedingungen ze kompenséieren.

# Streckeisen

**Donateur**

Jean-Paul Tintinger

**Datum**

Mëtt vum 20. Joerhonnert

Dëst Eisen huet enger Fra gehéiert, déi vun Aix en Provence staamt. Sie huet laang zu Paräis gewunnt an ass op Esch koum fir eng Aarbecht ze fannen. Strecken ass eng Fäegkeet, déi hier vu hirer Mamm a Groussmamm bäibruecht gouf. Si huet eng Aarbecht an enger Botzerei fonnt, wou Sie d'Streckeise benotzt huet fir hir Aarbecht ze maachen.

D'Streckeise gehéiert zu der materieller Geschicht vun der aktiver Bevëlkerung vun Esch. Et erënnert eis drun, datt d'Stolaarbechter net déi eenzeg waren, déi d'Regioun bewunnt hunn. Et gouf eng breet Palette vun anere Beruffer. D'Steckeisen erzielt d'Geschicht vun enger Haushalt, (haaptsächlech weiblechen) Aarbechtstaachen an gëtt Informatiounen zu der Geschicht an der Roll vun de Fraen an der Regioun an zu Esch.



**Raum am Spidol vun der Stad Esch, wou gestreckt gouff.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette




**“Meng Bomi hat e puer Streckeise vu verschiddene Gréissten, déi am Uewen an der Kichen erhëtzt goufen. Si huet d’Temperatur all Kéier mat hirem naasse Fanger gepréift.”**




**Dimensiounen**

18 x 9 x 10

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

**"Des Auer huet mengem Grousspapp gehéiert an se funktionéiert nach ëmmer. D'Auer kënnt vun der ARBED, wou mäi Papp laang Jore geschafft huet."**







**Dimensiounen**

6 x 4.5 x 1

**Fotografie**

Jo Diseviscourt


# Gravéiert gëllen Auer

**Donateur**

Odette Bruch

**Datum**

1950




**Loftopnahm vum Industriekomplex Belval.**

Archives de la Ville d’Esch-sur-Alzette

Eng gëllen Auer gouf allen Aarbechter vun der ARBED fir hir 30 Joer Déngscht geschenkt, entweder eng klassesch Armbandauer oder, wéi hei, eng Täschenauer. D’Auer ass mat den Initialen NB fir den Nicolas Bruch gravéiert. Seng Enkelin krut se no sengem Doud. Dëst ass eng Auer vun der Schwäizer Mark Omega a gouf an den 1950er hiergestallt. Den Här Bruch huet mat 14 Joer bei der ARBED ugefaange bis hien Meeschter gouf.

D’Firma ARBED (Aciéries Réunies de Burbach-Eich-Dudelange) gouf 1911 gegrënnt a war wichteg fir Esch. Nieft de Stolwierker an den Héichuewen hat d’ARBED a ganz Esch Administratiounsgebaier, Déngschtvillae fir den Direkter an d‘Ingenieuren, souwéi Aarbechterkolonien gebaut. D‘Auer staamt aus dem gëllenen Zäitalter, den Trente Glorieuses vun der Lëtzebuerger Industrie (1946-1974). Vill Familljen an Esch ware mat der ARBED verbonnen. Jubileumsfeieren a Kaddoe symboliséieren d’Identifikatioun vun den Aarbechter an d’Loyalitéit zu hirem Patron.

# AWEC Kaffisdouss

**Donateur**

Anonym

**Datum**

1950s




Dës Kaffisdouss gouf vun der Firma Albert Weisen et Compagnie (AWEC) verkaaft. Dës Firma gouf 1899 gegrënnt. Si huet Kolonialproduiten en Masse verkaaft a war an der rue de la Fontaine zu Esch-Uelzecht. Si hunn Kaffi, awer och lokal an international Béier verkaaft. 1924 ass d'Kapital vun der Firma vu 750,000 Frang op eng Millioun geklommen, déi an 250 Participatioune verkaaft ginn.

De Café als sozialen Treffpunkt ass eng déif verankert Traditioun zu Esch. Dëst waren net nëmme Plazen, wou d'Aarbechter sech no hirer Aarbecht entspane konnten, mee verschidde Caféen si mat sozialisteschen a Gewerkschaftsbewegunge verbonnen. Verschidde Caféen haten eng duebel Funktioun, wéi zum Beispill de Café Viola, deen nuets zu engem dancing ëmgewandelt gouf.

**Vue op d'Avenue de la Gare, dorënner den Tram an d'Foussgänger.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

## “De Pierre Heck war nom Krich Kaffisréischter an der rue du Brill. De Geroch vu geréischtertem Kaffi huet déi schmuel Stroossen an eis Erënnerungen un haut parfüméiert.”




**Dimensiounen**

14 x 14 x 19

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Vëlo vum Produzent Alcyon

**Donateur**
Maria Hamling

**Datum**
1957

D’Marie Hamling huet dëse Vëlo mat hirer éischter Pai am Joer 1957 kaaft. Si huet e benotzt fir op d’Aarbecht ze kommen, an der Téitenger Schongfabrik. Fir d’Escher Awunner war de Vëlo ee vun den Haapttransportmëttelen. Vill Aarbechter sinn mam Vëlo op d’Aarbecht gefuer - notamment op d’ARBED. An den 1960er an 1970er Jore koum et zu Usammlunge vu Vëloe virun de Fabrikspaarten, wann

**“Fréier war e Vëlo e ganz wäertvollt Element, besonnesch fir op d’Aarbecht ze kommen.”**



**Dimensiounen**
170 x 103 x 54

**Fotografie**
Jo Diseviscourt

d'Schicht um 6, 2 oder 10 Auer eriwwer war.

Mee de Vëlo war och en Hobby, well vill Escher un de ville Vëloscoursen, déi duerch d'Regioun gefuer sinn, deelgeholl oder gekuckt hunn, wéi d'Flèche du Sud oder spéider den Tour de France. «Vëlofueren erënnert mech un d'Zäit vum Lëtzebuerger Cyclist Charly Gaul, dem beschte Cyclist vun allen Zäiten».



**Foto vun der Uelzechtstrooss.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette






**"Den éischte Béier gouf den 10. August 1896 zum Präis vun 0,23 Frang de Liter zerwéiert."**

**Philippe Voluer 1993, 120.**

**Dimensiounen**

entre 45 x 36 x 14 / 11 x 11 x 3

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Sammlung vun Objeten aus der Brasserie Esch

**Donateur**

Patrick Miller

**Datum**

1950-1960



**Bild vun der Brasserie d'Esch (fréier Brauerei Buchholtz), nieft der Eglise Marie-Reine.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dës privat Sammlung vu Fläschen an aner Objeten aus der Brasserie Esch representéiert d'Escher Brauerei. Iwwerdeems säi gréisste Konkurrent Battin haut vill besser bekannt ass, geet dës Brauerei zréck op 1893. Deemools gouf d'Brauerei Buchholtz genannt, den Numm vu sengem Grënner Daniel Buchholtz, engem Händler vun Eisen, Haushaltsartikelen, Heizungen an Zement.

D'Brauerei louch am Norde vun Esch, nieft dem Quartier Lalleng, wou den neie Cactus-Supermarché am Moment gebaut gëtt. Bei der Brauerei huet e kënschtleche Weier am Wanter fir déi grouss ënnerierdesch Kellere gesuergt.

D'Wuer goufe vun hiren eegene Päerd exportéiert.

D'Konkurrenz gouf no 1945 ëmmer méi haart, a fir de Gewënn ze erhéijen, huet d'Brauerei 1960 decidéiert eng Limonade mam Numm Libellor ze produzéieren. D'Konkurrenz war awer ze staark, a, d'Brauerei huet missten seng Dieren 1969 zoumaachen.

# Signal Luucht

**Donateur**

Charlotte Molitor

**Datum**

ca. 1960

Dës Zort Luucht, och nach «Rammendicks» genannt, gouf vun den Eisebunnsaarbechter fir d'Signalisatioun benotzt. D'Wuert bezitt sech op Rammen, wat ee Minnewagon ass, an op dat franséischt Wuert «Disques». Dat sinn déi faarweg Scheiwen op de Säite vun der Luucht. Gréng gouf benotz fir ze weisen dass ee fort fiert, rout fir den Arrêt unzeweisen. D'Glieser fier waren wäiss fir d'Wagonnen ze beliichten. Souwuel de Garemeechter wéi den Zuchfuerer haten esou Luuchten.

Zanter dem 19. Joerhonnert huet d'Eisebunn an der Minettregioun eng ganz wichteg Roll gespillt fir den Transport vu Leit a Wueren, an dat an der Industrie an am Biergbau. D'Eisebunn huet och zur wirtschaftlecher Entwécklung vun Esch bäigedroen. D'Streck Beetebuerg - Esch gouf 1859 ageweit. Zich hunn Eisenäerz an d'Escher Eisewierk transportéiert.




**Damplokomotiv mat véier Aarbechter bei der Mine um Katzeberg.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

## “Mäi Grousspapp war Chauffer vun de Lokomotiven, déi an d’Tunnel vun de Minne gaange sinn.”



**Dimensiounen**

8.5 x 11 x 21

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

**“Ech war deen Dag dobäi, wéi si déi lescht Liwwerung Eisenäerz aus enger franséischer Mine bei den Héichuewen bruecht hunn. Et war eng grouss Zeremonie, begleed vun der Harmonie des Mineurs.”**

**Awunner vun Esch**



**Dimensiounen**

30 x 21 x 17

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Helm vun der Harmonie des Mineurs

**Donateur**

Diana Ascani

**Datum**

Zweet Hallschent vum 20. Joerhonnert

Den traditionelle schwaarzen Helm vun de Biergaarbechter an d'Uniform vun de Museker symboliséieren d'Verbindung tëscht der Biergindustrie an dem Gemeinschaftsliewe vun den Aarbechter. D'Museksgrupp huet op ville kommunale Manifestatioune gespillt: Nationalfeierdag, Fuesent a kathoulesche Feierdeeg wéi d'Helleg Barbara (4. Dezember), Patréinerin vun de Biergaarbechter a ganz wichteg an der Regioun vun der Stolindustrie.

D'Harmonie des Mineurs gouf den 12. Abrëll 1920 vun zwielef Mineuren aus der ARBED gegrënnt, an dat am Aarbechtervéierel Hiehl. Am gëllen Zäitalter vun der Biergaarbecht, den 1930er Joren, hat den Orchester am ganze 40 Museker an 20 Schüler. D'Enn vum Biergbau an der Minettregioun markéiert en Wendepunkt: 1967 huet d'Katzenberg (Collart) Mine am Escher Ellergronn zougemaach an 1981 kënnt et zum Arrêt vun der leschter Mine zu Lëtzebuerg, d'Thillenberg Mine bei Déifferdeng.

**Foto vun de Membere vun der Harmonie des Mineurs déi Musek virum Haaptsëtz vum der ARBED an der Stad spillen.**

Harmonie des Mineurs



**Dimensiounen**

8 x 9.5 x 2.5 / 5.5 x 4 x 1

**Fotografie**

Jo Diseviscourt





## “Perséinlech hat ech meng Zigaretten ëmmer an der ieweschter Täsch vu mengem bloen Aarbechtsmantel. Fir den Tubak frësch ze halen, konnt ee Grompereschuelen an d’Këscht leeën.”

# Tubakskit

**Donateur**

Roby Gales

**Datum**

1960-80s

Dësen Tubakskit erënnert eis un eng Zäit wou d'Aarbechter an d'Biergaarbechter vill op hirer Aarbechtsplaz gefëmmt hunn. D'1960er-1980er waren d'Joerzéngte wou fëmmen an der Moud war. D'ARBED huet dësen Trend verfollegt an dës Tubakskits entwéckelt fir dass hir Aarbechter dës an hirer Täsch droen. D'ARBED huet seng Politik spéider ugepasst, wéi op villen Aarbechtsplaze fëmme verbuede gouf.

D'ARBED huet un enger Rei vu Projete matgemaach, déi d'Gesondheet vun den Aarbechter verbessere sollten. Zum Beispill, mam Héichpunkt vun der Tuberkulos, gouf fir d'Rehabilitatioun vun den Aarbechter gesuergt. Ausserdeem hu Sie d'Grënnung vun enger Waldschule fir Kanner ënnerstëtzt fir d'Auswierkunge vun der Loftverschmotzung ze verhënneren.



**Aarbechter fëmmt eng Zigarett beim Schaffen.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

# Plack fir den 1200. Anniversaire vun Esch

**Donateur**
Jean-Paul Tintinger

**Datum**
1973




Dës Plack gouf 1973 erstallt fir ze feieren datt d'Stad Esch virun 1200 Joer fir d'éischt ernimmt gouf. Dës éischt schrëftlech Quell staamt aus dem Joer 773, wéi de Bauerenhaff «Villa Hesc» vun der Iechternacher Abtei opkaf ginn ass.

Esch gouf 1328 fir d'éischt eng Stad, wéi de Johannes de Blannen Esch de Status vun enger «fräier Stad» ginn huet. Am Joer 1906 huet de Grand-Duc Guillaume nees Esch den Titel Stad iwwerreecht, als Unerkennung fir de Wuesstem vun der Stad wärend dem industriellen Opschwong. Vill Leit mengen, do fänkt d'Escher Geschicht un, mä dës Plack erënnert un eng méi laang Geschicht.

**Print mam Titel "Esch auf die Alset" op der Säit 137 aus dem Register vun der Abtei Saint-Willibrord zu Iechternach vun 1597.**

Archives Nationales de Luxembourg

## “Dësen Objet erënnert un eng vergiessen Zäit: dat éischt schrëftlech Dokument an deem Esch ernimmt gëtt.”

**Awunner vun Escher**




**Dimensiounen**

16 x 20.5 x 1

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

**“Am Ufank hunn ech de Mann kaum kannt, dee mir dësen Teddybier bruecht huet. Mäi Papp ass op Lëtzebuerg komm, wéi ech nach e klengt Meedche war. Elo schätzen ech et als Kaddo vu mengem Papp an ech si frou op Lëtzebuerg komm ze sinn.”**



**Dimensiounen**

15 x 17 x 27

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Petzi

**Donateur**
Anonym

**Datum**
1970s



**Foto aus dem Juni 1923 vun de Scouten vun Esch Grenz déi haaptsächlech vun der italienescher Communautéit besicht gouffen.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dësen Teddybier ass de Kaddo vun engem Papp, dee seng Famill zu Umbrien an Italien huet misse verloossen, fir zu Lëtzebuerg eng Aarbecht ze fannen. Dësen Teddybier huet hie senger Duechter bei enger vu senge Visitten an Italien ginn, well seng Fra mat hirer Duechter do bliwwe war bis dass d'Mamm och eng Aarbecht zu Esch fonnt huet. E Joer nodeems d'Meedchen de Kaddo geschenkt krut, konnt déi ganz Famill op Lëtzebuerg kommen an d'Famille koum erëm beieneen.

A bal allen Industriestied aus der Minettregioun, dorënner och Esch, ass en italienesche Quartier entstanen, mat italienesche Liewensmëttel- oder Moudebutteker, wou déi italienesch Sprooch op der Strooss geschwat gouf a mam Lëtzebuergesche gemëscht gouf. Den Teddybier ass e Symbol fir d'Geschicht vun der Migratioun a weist den Impakt, deen et op d'Privat- a Familljeliewe vu Leit hat, déi getrennt goufen duerch d'Aarbecht.


# Skulptur vum Feierstëppler

**Donateur**
Brenda Biltgen-Hansen

**Datum**
1990s

**Foto vun engem Aarbechter, deen eng Prouff während dem Stolgoss beim Stolwierk hëlt.**

Archives de la Ville d’Esch-sur-Alzette



Dës Eise Skulptur ass e Beispill vun enger *perruque*, e Begrëff dee benotzt gëtt fir op Objeten ze referenzéieren déi vun Aarbechter an der Fabréck fir hire perséinleche Gebrauch gemaach goufen. D’Kreatioun vun dëse *perruques* war ganz populär bei den ARBED Aarbechter. Dëse speziellen Objet stellt de Feierstëppler duer, en Aarbechter, dee Kuel an den Uewe geheit (oder heiansdo de Geste vum Aarbechter, deen d‘Lach vum Héichuewe mat enger Staang aus Stol opmescht).

D’Silhouette vum Feierstëppler gouf tëscht 1924 an 1991 populär: e war ze gesinn op de Lëtzebuerger 1 Frang Mënzen. D’Bild gouf vum lëtzebuergesche Moler a Sculpteur Auguste Tremont geschaf, deen den Aarbechter Mathias Gaasch als Modell benotzt huet.

**“Mee wei krut een déi *perruques* aus dem Atelier eraus? Ech hunn den gefrot, deen do gebotzt huet, hien konnt eraus- an erangoen wei hie wollt. Mir sinn mat engem Plang opkomm an hunn et dunn och gepackt. An jiddereen huet dat gemaach. Jiddereen huet jidderengem gehollef, et war e ‘Ginn an en Huelen’.”**



**Dimensiounen**

21 x 21 x 1.5

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# "Déi erstaunlechst Saach ass datt et e ganz klenge Quartier vun Aarbechter war, haaptsächlech d'Biergaarbechter, déi d'Jeunesse gegrënnt hunn."

**Anonym**




**Dimensiounen**

80 x 100 / 130 x 17

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Jeunesse Fussballtrikot

**Donateur**

Jerôme Kneip

**Datum**

1990er Joren



**Foto vum Fussballsterrain A.S.Jeunesse, dorënner d'Kolonie Barburg matt Industrieaarbechter am Hannergrond.**

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Dësen Trikot gouf vum Johny Thill, engem Spiller vun der Jeunesse, gedroen. De Veräi gouf 1907 ënner dem Numm Jeunesse la Frontière d'Esch gegrënnt, am Hibléck op d'Grenzgebitt südlech vun Esch. Vill Membere vum Veräin hunn an dësem Quartier gewunnt, deen haaptsächlech vun Aarbechter aus de Minnen oder der ARBED-Fabréck bewunnt war. D'Regioun hat eng grouss italienesch Communautéit, also ass et keng Iwwerraschung datt den Trickot dem vu Juventus Turin an Italien änelt.

1918 krut de Veräin hiren aktuellen Numm an huet säin éischte Championnat 1921 gewonnen. Enn vun den 80er a fréien 90er Jore waren d'Fussballveräiner aus der Stad dominant: d'Union a Beggen. Fir méi kompetitiv ze ginn, huet d'Jeunesse de Motto «E staarkt Stéck Minett» ugeholl. Sie hunn déi bescht Spiller aus der Minettregioun rekrutéiert, wat d'Qualitéit vum Spill vun der Equipe verbessert huet an d'Rivalitéit mam anere lokale Fussballveräin, wéi zum Beispill der FOLA, gestäerkt huet.

# Décor “Venise-sur-Alzette”

**Donateur**

Isabelle Dickes

**Datum**

2001



**Bild opgeholl während der Porte Ouverte vum Site fir de Film “Secret Passage” den 8. September 2001.**

Zinneke at lb.wikipedia

Dësen Deel vum Décor gouf vum Isabelle Dickes, Costumière a Sammlerin vun Esch, gerett. Sie war beim Ofriichten vum Filmsite mam Spëtznumm «Venise-sur-Alzette» dobäi. De Bau vum Set huet 2001 ugefaangen, an zwar um Site vun der fréieren Terres Rouges. Ongeféier 800 Leit hunn um Set geschafft, wat deemools dee gréisste Filmproduktiounssite an Europa war.

De Set gouf erstallt fir déi italienesch Stad Venedeg nozestellen, well et méi bëlleg war eng Replica vun der Stad ze baue wéi zu Venedeg selwer ze dréinen. Den Dekor ëmfaasst Kanäl a Palaisen, an huet Venedeg am 16. Joerhonnert representéiert. Italienesch Handwierker koume souguer op Esch fir Gondelen aus där Ära ze bauen. Verschidde Filmer goufen zu Esch gedréint, dorënner Secret Passage, The Girl with the Pearl Earring, The Merchant of Venice.



**“D’Produzenten hunn all d’Aarbechtsagencen an der Groussregioun kontaktéiert. Jiddereen deen matt engem Hummer schaffe konnt gouf agestallt.”**

**Jean-Claude Schlim**

**Dimensiounen**

26 x 30 x 9

**Fotografie**

Jo Diseviscourt

# Lëscht vun der Contributeuren

## Donateuren

Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch
Brenda Biltgen-Hansen
Camille Robert
Charlotte Molitor
Diana Ascani
Getrude Spogli Castellani
Gilbert Weber
Isabelle Dickes
Jean-Paul Tintinger
Jerôme Kneip
Maria Hamling
Michel John
Odette Bruch
Patrick Miller
Roby Gales

## Conseil

Camille Robert
Celine Schall
Christian Muller
Daniel Richter
Henri Clemens
Inna Ganschow
Jacques Maas
Laura Steil
Luciano Pagliarini
Marc Schaack
Maxime Derian
Philippe Boisserie
Viktoria Boretska
Werner Tschacher

## Cercle des « Bierger-Historiker »

Aline Soisson
Anonymous
Antoinette Lorang
Brenda Hansen
Camille Robert
Carla Casaburi
Carlos Turmes
Cauvelier Ries
Chantal Dierckx-Mauer
Charlotte Claus-Molitor
Christian Müller
Christiane Wagner
Claire Thill
Diana Ascani
Dominique Vitali
Eric Lavillunière
Florence Weimerskirch
Frisoa Gerson
Georges Scholer
Gilbert Weber
Jean John
Jerôme Quiqueret
Jose Estevez
Romain & Leonie Lallemang
Laurent Biltgen
Liette Pütz
Linda Ortolani
Lisy Ries
Louis Bellinato
Marc Schaack
Marco Vanoli
Marie Duvauchelle
Martin Lecoutère
Mateusz Buraczyk
Nadia Lamberty-Vanoli
Pascal Ewert
Simone Thill-ClausPartners

Partner

Archives de la Ville d'Esch-sur-Alzette
Nuit de la Culture
Boîte à Histoire
Club Mosaïque
Amis de l'Histoire et du Musée de la Ville d'Esch
Juppe Scouten Esch
Escher Kafe
MESA, la Maison de la Transition à Esch
Associazioni Cristiane
Lavoratori Italiani (ACLI)
University of Luxembourg

# E spezielle Merci un:

**Anne Schmit**

**Camilla Portesani**

**Estelle Evrard**

**Iris Pupella**

**Jo Diseviscourt**

**Koku NoNoa**

**Laura Steil**

**Lise Landerin**

**Romain Duplan**

**Sandra Camarda**

**Sophie Kühnlenz**

**Sarah Cooper**

**Violeta Tsenova**

# Bibliography

D'Texter an dësem Ausstellungsbuch sinn d'Resultat vun enger gudder Zesummenaarbescht tëschent den « Bierger-Historiker ». D'Lëscht hei drënner enthält e puer interessant Wierker déi benotz goufen fir z'erklären an ze kontextualiséieren. Dëst ass awer keng vollstänneg Lëscht vun all de Wierker, déi iwwert Esch geschriwwe gouffen.

**Amicale des Hauts Fourneaux A et B de Profil Arbed Belval. 2009.** *Als Erënnerung un d'Leit vun de Schmelzen.* Typo95: Wasserbillig, Luxembourg.

**Buchler, Georges, Jean Goedert, Antoinette Lorang, Antoinette Reuter, Denis Scuto, and Christof Weber. 2020.** *Esch-sur-Alzette: guide historique et architectural.* CPI books: Leck, Germany.

**Flies, Joseph. 1979.** *Das andere Esch: an der Alzette : ein Gang durch seine Geschichte.* Saint-Paul S.A., Luxembourg.

**Ganschow, Inna. 2020.** *100 Jahre Russen in Luxemburg: Geschichte einer atomisierten Diaspora.* Reka print: Luxembourg.

**Knebeler, Christophe, and Denis Scuto. 2010.** *Belval: passé, présent et avenir dun site luxembourgeois exceptionnel (1911-2011).* Éd. Le Phare: Esch-sur-Alzette, Luxembourg.

**Priem, Karin, and Frederik Herman. 2019.** *Fabricating modern societies: education, bodies, and minds in the age of steel.* Brill: Leiden, Netherlands.

**Voluer, Philippe. 1993.** *Onse be'er ass gudd!: Bier und Brauwesen in Luxemburg.* Schortgen: Esch/Alzette, Luxembourg.

# Kontakt

Websäit: *www.historesch.lu*

**Thomas Cauvin** Assoz. Professor am Beräich Public History

*thomas.cauvin@uni.lu*

**Joëlla van Donkersgoed** Post-doctoral Fuerscherin

*joella.vandonkersgoed@uni.lu*

Histor*ESCH* ass Deel vum Fuerschungsprojet *Public History as the New Citizen Science of the Past* (PHACS), dee vum Fonds National de la Recherche (FNR) finanzéiert gëtt.

Fonds National de la Recherche Luxembourg